

Sätzungsbericht vun der CCSport 6/2021

Presenzen

Present	Net present
Nicole, Manou, Patrick, Joske, Marcel, Mich, Annie Pit a Joe	Miguel, Pier (allen 2 excuséiert)

Punkt 1 : Usproch vun der Presidentin

D'Nicole begrüsst all d'Membere vun der Kommissioun.

Punkt 2 : Diskussioun iwwert de leschte Sätzungsbericht

No kurzen Diskussiounen eenegt sech d'Kommissioun, datt 2 Saachen am leschte Sätzungsbericht baigefügt ginn.

1) **Punkt 2** vum leschte Sätzungsbericht(27/09/21) gëtt ergänzt duerch:

Wat den Wasserspender(distributeur d'eau) ugeet huet d'Nicole een Avis virbereed, dee mir als CCSport un de Schäfferot weiderleeden. Dësen Avis, deen vum Nicole redigéiert an virgelies gouf, gëtt majoritär vun der CCSport approvéiert/ugeholl.

2) **Punkt 8** vum leschten Sätzungsbericht(27/09/21)gëtt folgender Moossen ergänzt:

Zousätzlech gëtt nach um Punkt 8 präziséiert, firwat mir als CCSport d'Stonnen vun 10-12 Auer, samschdes moies an der neier Hal ugfrot hunn.

3)Unhuelen vum leschten Sätzungsbericht

Mat dësen ëmgeännerten Punkten gëtt de Sätzungsbericht N°5 vum 27 September 2021 unanim ugholl.

4)AVIS betreffend“Waasserspender“

Wéi schon am Punkt 2(1) vun dësem Sätzungsbericht vermerkt ginn ass, huet d'Nicole een Avis fir den „distributeur d'eau“ redigéiert an och der Kommissioun virgelies. Dësen ass dann och majoritär vun der CCSport approuvéiert/ ugehall ginn. Dësen Avis hänkt och an der Spéngel vum leschten Sätzungsbericht(27/09/2021)

5)Eierung vum Charel Grethen

Den Joske informéiert CCSport, datt de Kontakt mam Charel Grethen besteet. Et ass awer nach keng offiziell Ufro vun der Gemeng un de Charel Grethen erausgaang, wat seng disponibilitéit ugeet.

D'CCSport waart demno de Feedback vun der Gemeng of, wéi mir eis als CCSport kënnen/sollen investéiert. Dëse Punkt ass schon um Punkt 4 vum leschten Sätzungsbericht(27/09/2021) festgehaal ginn.

6)Foto vun der CCSport

Wéi ofgemaach huet de Joske een Fotograf engagéiert fir eng Foto vun der Kommissioun ze maachen. Dës Foto ass

den 24. Oktober 2021 virun eiser Sëtzung gemaach ginn.

Et sief ze bemierken, datt de Pierre Elsen an den Miguel Moreira Cardoso op der Foto feelen.

7)Plages-Horaires-Occupatioun vun der neier Sporthal

De Joske informéiert an confirméiert der CCSport, datt mir als CCSport déi gefroten Stonnen an der neier Hal kreien. Dës Stonnen sinn fir samschdes moies vun 9-12 geplangt.

Ufank's haaten mir(CCSport) wëlles Babyturnen unzebidden. Mir hunn awer elo matkritt, datt de Mierscher Turnveräin hieren Training fir den Ament bei eis an der Gemeng ofhält(Babyturnen ënnert annerem), dëst wéinst der Héichwaasserkatastroph, déi ët zu Miersch momentan onméiglech mécht, ënnert normalen Konditiounen ze trainéieren.

Et wier net fair vun eis als CCSport dann och nach parallel, Babyturnen unzebidden. Mir haalen eis dës Idee vum Babyturnen trotzdem am Hannerkapp an entscheeden zu engem spéideren Zäitpunkt, wéi mir an dësem Punkt weiderfueren.

8)Verschiddenes

De Marcel proposéiert, datt all Member sech soll Gedanken maachen, wat mir wëllen/kënnen als CCSport samschdes moies vun 9-12 Auer ubidden.

Dës Ideeën sollen, sou wäit wéi méiglech duerchduecht sinn an dann schon an der nächster Versammlung präsentéiert ginn.(Zielgrupp,Käschten, disponibilitéit vun jeweilegen Moniteuren asw.)

Wärent eiser Versammlung sinn schon Nimm, wéi z.B. Steet Racket, Zirkusschoul oder och Nordic Walking gefall.

Dozou wëllen mir bemierken, datt et méi wei sächer enk mat eisem Budget vun 10000 Euro gëtt, deen all Kommissioun normalerweis zegutt huet.

Déi nächst Versammlung ass fir den 29. November virgesinn, dëst em 20 Auer an der Koll

Ass et eng Idee fir déi nächst Versammlung ënnert dem Covid-Check ze maachen?

mat sportlechen Gréiss

Joe Heinz

Sekretär vun der CCSport